




# LES AMIS DE LA MUSIQUE MILITAIRE

ASBL FONDÉE EN 1998

Bulletin édition spéciale

## En avant..... marche....

...POUR UNE BONNE  
ET LONGUE RETRAITE !



André

REICHLING

38 ANS AU SERVICE DE L'ARMÉE,  
DONT  
25 ANS CHEF D'ORCHESTRE DE LA  
MUSIQUE MILITAIRE GRAND-DUCALE.

Photo: Fvmm

Président:  
Niki Bettendorf  
Vice-Président:  
Roby Raus  
Secrétariat:  
Christiane  
Schaul  
Trésorier:  
Léon Sunnen

Adresse:  
37, rue des prés  
L-5316 Contern  
Tel: 26785904

[www.fvmm.lu](http://www.fvmm.lu)

Niki Bettendorf  
p.2

A.R. en étapes  
p.3

En quelques  
mots  
p.4 bis 9

Portrait vun  
engem Dirigent.  
p.10 bis 12

# André Reichling

## Un grand Chef!



Niki Bettendorf Président

Foto: Klemm

Le lieutenant-colonel André Reichling vient de ranger sa baguette. Depuis 1986 il dirigeait notre Musique Militaire Grand-Ducal luxembourgeoise de main de maître.

Sous sa houlette la Musique Militaire a gravi plusieurs échelons et est à considérer actuellement comme le meilleur orchestre d'harmonie à Luxembourg et même sur le plan européen

il compte parmi les meilleurs.

En ma qualité de président des « Amis de la Musique Militaire », j'ai appris à apprécier André Reichling pour ses qualités humaines, vis-à-vis des membres de son orchestre, vis-à-vis de notre institution et de bien d'autres. Déjà en 2001 il a rédigé un préface pour notre bulletin d'information en déclarant : « Je soutiendrai chaque initiative prise par l'ASBL Frënn vun der Militärmusek ». André Reichling a tenu parole. Il a fait beaucoup plus, il nous a soutenu et il nous a aussi donné de bons conseils. Si aujourd'hui notre association se porte bien, c'est aussi son mérite à lui.

André Reichling, musicien hors du commun, savait faire respecter la discipline musicale mais aussi militaire, ceci de par sa grande personnalité.

Personnellement, j'ai vu de nombreux chefs diriger leur orchestre, mais André Reichling compte parmi ceux qui savaient toujours enthousiasmer leur public par sa présence chaleureuse, une présence, qui faisait toujours plaisir à voir.

Au nom du Conseil d'administration de notre a.s.b.l., mais aussi au nom de tous nos membres, nous vous souhaitons, Monsieur Reichling, une bonne et longue retraite, tout en espérant que nos chemins vont se croiser de maintes fois au service de La Musique.

Merci Chef pour vos loyaux services.

Niki Bettendorf  
Président

# André Reichling...

## Etapes d'une vie musicale et militaire.

Né le 01.02.1956 à Pétange

Etudes musicales brillantes au Conservatoire de musique de la ville d'Esch/Alzette (de 1969 à 1984) et au Conservatoire Royal de la ville de Bruxelles (de 1978 à 1985).

### Entrée au service militaire comme volontaire, candidat musicien : 16 juillet 1973

instrument principal : trompette

Instrument secondaire : piano

Soldat de 1<sup>re</sup> classe : 01.02.1974

Caporal : 01.10.1974

Promu Sgt le 16 juillet 1976

Affecté à la Musique Militaire Grand-Ducale le 20 juillet 1976

Premier Sergent : 16 juillet 1979

Sergent-Chef : 16 juillet 1982

Aspirant –Officier 1 décembre 1985

Chargé de la direction de la musique militaire : 23 juin 1986

Lieutenant : 01 décembre 1986

Premier Lieutenant : 01 décembre 1987

Capitaine : 01 décembre 1988

Major Titulaire : 01 février 1994

Lieutenant-Colonel Titulaire : 21 novembre 2003

En retraite depuis le 06 juin 2011.

NB :

*Premier concert comme Chargé de Direction de la Musique Militaire  
28 juin 1986 à 20 h en l'église de BASTENDORF*

*Premier concert comme Lieutenant*

*12 décembre 1986 à 20.30 h en l'église paroissiale de CESSANGE*

*Dernier concert avant sa retraite :*

*Dimanche 13 mars 2011 à 18 h - salle « Le Cube 521 »  
à MARNACH.*

André Reichling,



Tout chef militaire opérationnel n'a en soi pas d'existence réelle sans «sa» troupe, soldats et cadres. Le Lieutenant-Colonel André Reichling a toujours, à son échelon, discrètement souscrit à cette maxime, disant que le chef de la musique militaire n'a pas de valeur réelle sans «ses» musiciens.

Homme simple, humain, excellent musicien, ami personnel, il a certainement contribué, moyennant de multiples initiatives à améliorer la qualité des prestations musicales de la Musique Militaire Grand-ducale et à étendre la renommée de sa phalange bien au-delà de nos frontières pour faire naître des vocations et à développer l'art musical au Grand-Duché de Luxembourg.

A très bientôt, André....  
**Général Gaston Reinig**

Während mengen 34 Joer als Museker huet den LtCol André Reichling an den eischten Joeren als Museker an duerno als Chef mir immens vill bäibruecht. An daat besonnesch zanter dem 1. Januar 2008 wou ech meng Ernennung als Chef-adjoint vun der Militärmusek krut. Den Änder ass an bleiwt eëmer e groussen Verteideger vum Harmonieorchester vun der lëtzebuergser Arméi. Sain groussen Asaaz fir all groussen an klengen Ensemble vun der Militärmusek war virbildlech. D'Qualitéit vun der Musek a virun allem den kollegialen an menschlechen Toun dréit dem Änder seng Handschrëft haut an nach weider an der Zukunft. Net ze vergiessen all déi geschriwwen Nouten an Arrangementer fir den groussen Orchester a fir all déi phantastesch Projeten mat Gesang an Solisten hunn ech nämmen zwee Wieder:

#### RESPEKT an MERCI

Merci Änder fir deng Frëndschافت an virun allem och dein Vertrauen an meng Persoun.  
Ech wünschen denger Madame an Dir nemmen daat allerbescht fir deng verdengten Pensioun ouni ze vergiessen dat et wichteg ass fir och gesond an monter no vir ze kucken

**Capt Jean-Marie THOSS**  
**Chef-adjoint de la Musique Militaire Grand-Ducal**



André Reichling,

Als Direkter vum Escher Conservatoire soen ech dem André Reichling villmoos Merci vir di gutt Zesummenarbecht während senger Zäit als Chef vun der Militärmusek. Während senger Amtszäit hunn eng Rei vun eisen Studenten de Wee an d'Militärmusek fonnt oder konnten am Kader vum Stage vun de Frënn vun der Militärmusek hir eischt Erfahrungen am professionellen Museksliewen sammelen. Ech felicitéieren him fir di Carrière di hien an der Militärmusek gemaach huet, an wünschen him alles Gudden fir d'Zukunft.

Fred Harles,

**Direkter vum Escher Conservatoire**

Très cher Lt.-Col. André Reichling,

Im Namen des CMNord und in meinem ganz persönlichen Namen, möchte ich Dir, lieber Änder, herzlichst danken!

Danke für Deine Offenheit und Deine auf das wesentliche konzentrierte, wohltuende Besonnenheit; Für Deine positive, grundsätzlich unterstützende Einstellung den jungen Menschen gegenüber, die an unseren Musikschulen und Konservatorien ausgebildet werden; Ganz besonders möchte ich Dir danken für die wunderbaren Projekte, die unsere Bläserklassen und unsere "classe d'Art lyrique" in Zusammenarbeit mit der Musique Militaire Grand-Ducale, unter deiner kompetenten Leitung, realisieren durften.



Meine allerbesten Wünsche Dir und deinen Lieben, für eine gesunde und glückliche Zukunft

**Marc Jacoby**

Direktor des CMNord



A l'occasion de son départ à la retraite, je tiens à témoigner au lieutenant-colonel André Reichling mon admiration pour son engagement et ses compétences avec lesquelles il a haussé la Musique Militaire Grand-ducale au plus haut niveau artistique.

De par sa jovialité, il a en plus réussi à se faire des amis parmi tous les acteurs de la scène musicale du pays. Au nom de tout le personnel du conservatoire, je remercie Monsieur Reichling de l'excellente collaboration et lui souhaite tout le bonheur pour sa retraite méritée.

Fernand Jung  
Directeur

## E puer Zeilen zum Départ an d'Pensioun vum Chef vun eiser Militärmusek.

Den 5. Juni 2011 geet de Chef vun eiser Militärmusek, den Lt.-Colonel André Reichling (oder méi einfach : Reichlings Änder) a Pensioun. Ech fannen, déi huet hien sech och verdéngt, awer net ouni des kléng Rétrospective als grousse Merci méngersäits:

Nëmmen ee Joer no der Uropfierung vu méngem Stéck « Meltdown », am Joer 1993 huet den Änder mir énges Daachs zu ménger grousser Freed matgedeelt – einfach esou, wéi daat séng Art war – datt hien wélles hätt, datat Stéck op de Programm vun e puer Concertën vun der Militärmusek ze setzen. Deemols wousst ech nach net, datt daat de Grondsteen fir éng 17-jähreg, gudd a probleemlos Zesummenaarbecht mam Änder a mat der Militärmusek sollt sinn.

Den Änder war ni een vun de grousse Wieder, mee waat hien éng Kéier décidiert haat, daat ass och duerno duerchgezu gin. Hien huet mir dräimol als zivilen Dirigent erlaabt fir d'Militärmusek bei verschiddenen Uropfierungen vu méngen Kompositiounen ze dirigéieren : daat war éng Première hei zu Lëtzebuerg. Souguer éng Opnahm fir een CD (Aquarius) duerft ech selwer leeden !

Och ausserhalb der Militärmusek huet hien sech vill fir méng Musek agesaat, z.B. mam EU-Blosorchester a Portugal, oder ee Joer méi spéit, wou mer de Flütte-Concerto mat deemselwechten Orchester uropgefouert hun, oder och am Saarland, wou den Änder ee vill gefroten Dirigent ass.

An deene 17 Joer vun eiser Zesummenaarbecht sin esou 16 vu ménge Kompositiounen op méi wéi 40 Concertën opgefouert gin, dovun 8 Uropfierungen a grad esou vill CD-Opnahmen.

Zemols d'CDén hu mir spéider vill weider gehollef, an dacks krut ech vu Kollegen am Ausland Komplimenter gemaach fir di gudd Qualitéit vun den Enrégistrementer vu ménge Wierker.

Wéi scho gesot : Den Änder huet ni vill Gedessemms ém séng Persoun oder ém daat eent oder aanert Stéck gemaach, mee wann him eppes extra gudd gefall huet, dann huet hien daat éischter a sénger Bereedschaft gewisen, d'Stéck (erem) ze programméieren, wéi laang a breet driwer ze schwätzen.

Wéi sot den Änder meeschdens no der Opféierung, wann ech op d'Bühn erof koum, an d'Leit applaudéiert hunn:

« Daat ass fir Déch. War et esou wéis De Der et viirgestallt hues ? », an dann huet hien – net ouni Stolz - op de Publikum an op « séng » Musiker gewisen.

Haut soen ech : « Des Zeilen si fir Dech. Du hues mir all déi Joeren vill Vertrauen entgéint bruecht a mech vill énnerstézt, an duerfir soen ech Der villmols Merci. Et war éng schéin Zäit, mat villen onvergiesslechen Momenter, gekréint mat deem Schéinsten waat mer eis deelen : der Musek.

Genéiss Déng wuel verdéngten Pensioun, zesummen mam Yolande an Déngen Léifsten. Merci Änder ! »

**Marco Pütz**



Foto © Kimm



## La Musique Militaire Grand-Ducale et l'UGDA: une relation de longue durée


*Un regard sur le passé nous donne l'occasion d'évoquer les relations privilégiées que les chefs successifs de notre Musique Militaire ont entretenues au fil des années avec l'UGDA.*

*Les excellentes relations actuelles et les nombreux projets passés et présents réalisés en collaboration avec le Chef de la Musique Militaire Grand-Ducale André REICHLING dans le cadre de stages d'orchestres, de cours de direction ou de manifestations nationales (p.ex. Hommage à la Famille Grand-Ducale 2001) confirment que André Reichling a largement participé au développement de notre Fédération et de notre Ecole de Musique.*

*Il convient de souligner le rôle important de la Musique Militaire Grand-Ducale en tant qu'unique Orchestre d'Harmonie professionnel luxembourgeois. Cet orchestre prestigieux ouvre de véritables perspectives d'avenir professionnelles aux jeunes musiciens talentueux de notre pays.*

*Par les débouchés professionnels qu'elle offre, la qualité de ses prestations musicales et sa renommée qui s'étendent bien au-delà de nos frontières, la Musique Militaire Grand-Ducale sous la baguette de son Chef André REICHLING, a contribué sans aucun doute à faire naître des vocations et à développer l'art musical au Grand-Duché de Luxembourg.*


*Merci André !*



Paul SCHOLER  
Directeur



Louis KARMEYER  
Président fédéral



Robert WEYLAND  
Président honoraire

X:\QA\UGDA\Letter\Reichling André-Remerciements 2011.doc

### Union Grand-Duc Adolphe

Association sans but lucratif  
Fédération Nationale du Mouvement Associatif  
de la Musique Chorale et Instrumentale, du Folklore  
et du Théâtre du Grand-Duché de Luxembourg  
Reconnue d'utilité publique par loi spéciale du 1<sup>er</sup> juin 1989  
L'UGDA bénéficie du soutien du Ministère de la Culture.

Sous le haut Patronage de Leurs Altesses Royales Le Grand-Duc Jean et La Grande-Duchesse Joséphine Charlotte (†) de Luxembourg.

3, route d'Arlon L-8009 Strassen  
Tél.: +352 46 25 36-1 • Fax: +352 47 14 40  
[www.ugda.lu](http://www.ugda.lu) • [direction@ugda.lu](mailto:direction@ugda.lu)  
TVA 1863 6400 013 • IBLC: LU 15428851  
Compte bancaire:  
CCPULLLU LU10 1111 0043 0032 0000

De Luxembourg City Tourist Office huet mat dem André Reichling - fir seng Frënn den Änder - eng privilegiert Relatioun gehat. Net némmen, dass hie fir eis en Aarbel voll Concerten op der Plëss dirigéiert huet, mä en huet och nach den Dirigentebängel bei sou munnech anerer Geleeënheet fir eis geschwong. Sou zum Beispill beim traditionellen "concert de bienfaisance".

Wat remarquabel beim André Reichling sengem Wierken als Chef vun der Militärmusek ass, ass d'Tatsaach, dass en op där enger Säit excellent Dirigentequalitéiten huet an op där anerer Säit en enorme Répertoire als Arrangeur opweises huet.

Mir wünschen dem Änder fir seng Zukunft alles Guddes, schécken him eis beschte musikalesch Gréiss a soen ... ad multos annos!

### Roland Pinnel, Direkter vum Luxembourg City Tourist Office.

Wéi ech 1973 als Schoulmeeschter bei d'Arméi komm sinn, war eng Schoukklass do, mat e puer Militärmuseker, énner hinnen den André Reichling. Ech ka mech ganz gudd erënneren, dat während den Etüden, wann déi eng geléiert, gelies oder och mol gedöst hunn, den André sech hannen an den Eck verfuusst huet, d'Nouteblieder rausgeholl an da fläisseg Noute geschriwwen huet. An de weidere Joeren hunn ech mat grousem Interessi fir d'Militärmusek d'Carrière vu menge fréiere Schüler, also och vum André Reichling, verfollegt. 2004, wéi d'"Amicale Garnisounsmusek Dikrech", hire 25. Anniversaire gefeiert huet, mat énner aneren engem Concär vun der Militärmusek, hu mer zesummen en Ophänker gesicht a sinn op "Jonk Talenter" komm: déi jonk Percussionisten Carole Weber an Damien Thill waren eis Solisten. Dono hate maer 2 Concären an der Dikricher Aler Seeërei mat "Jonken Talenter" aus dem Conservatoire du Nord.

Merci, André, fir dës flott Initiativ, fir déi produktiv Zesummenarbecht, an all Guddes an der Pensioun!

### Louis SCHMITZ, pensionéierten Arméischoulmeeschter a President vun der «Amicale Garnisounsmusek Dikrech»

Mat ärer Fréndlechkeet, ärem professionellen Asaatz a musikaleschem Können hut dir Här Colonel André Reichling, ons, de Garer, an all dénen déi Concert'en vun der letzebuerger groussherzoglecher Militärmusek lauschte koumen onvergieslech a wonnerbar Stonne bereet.

Freed duerch Musek vermëttelen ass Iech mat äre Museker immens gudd gelongen.

Mir, de Groupe Animation Gare, soen Iech villmols merci fir eng méi ewéi zengjähreg exemplairesch Zesummenarbecht a wünschen Iech vu ganzem Härz eng laaang Pensioun bei exzellenter Gesondheet.

Marianne De Gregori, Marie-Thérèse Klein, Yvette Lahmé,  
Georges Arendt, Guy Baltes, Claude Glesener, Jeannot Heusbourg a Jean-Pierre Schomer

### Groupe Animation Gare asbl

Ech muss son et ass mir schwéier gefall mech op dräi Zeilen ze beschränken, weil mam Aender geet net nemmen en excellenten Chef a Museker, mé och en Mensch deen am direkte Kontakt authentesch an agreabel ass an esou vill zur Freed bei der Aarbecht bégédron hutt. Souwuel fir meng Schüler vun der classe d'art lyrique wéi och fir mech selwer als Sängerin: mat ganz vill musikaleschem a menschlechem Afillverméisgen hutt hien all eis gemeinsam Projeten gedron.

**Mariette Lentz**



*J'ai fait la connaissance du Lt.-Col. André Reichling lors du Concert pour le 20<sup>ème</sup> anniversaire de la Fondation luxembourgeoise Raoul Follereau – un concert extraordinaire qui fut diffusé live par RTL. Depuis cette date, André Reichling a dirigé plusieurs concerts de la Musique Militaire, Orchestre d'Harmonie devant une salle pleine, dont le bénéfice était pour notre Fondation.*

*J'ai eu le plaisir de connaître et d'apprécier un excellent musicien, un chef doué, un homme sensible, engagé et efficace et cela surtout lorsqu'il a composé en 2003 pour la soirée de gala du centième anniversaire de la naissance de Raoul Follereau, une musique originale et bien adaptée au sujet « Les Enfants du Mali » pour accompagner live le film de la soirée.*

*C'était pour moi un plaisir et un honneur de travailler avec le Lt.-Col. André Reichling, qui malgré ses grands talents et ses succès, est resté un homme simple et modeste, un homme qui dégage une telle chaleur humaine qu'en son contact on se sent à l'aise et peut-être meilleur. Puisse cette nouvelle étape de sa vie être pour lui et sa famille une île de Paix et de Bonheur.*

**Jos HILGER président de la Fondation Raoul Follereau**



Foto: Clemm

**„Musik ist die beste Art der Kommunikation.“**  
Angelo Branduardi (\*1950), ital. Popsänger u. Liedermacher


# Portrait vun... engem Dirigent

Sält dem 23. Juni 1986 wor den André Reichling Dirigent vun der Militärmusek an huet an deene 25 Joer vu sengem Wierken an der Militärmusek sou munnech Spuren hannerlooss.

- Ëm 1200 Concerten huet hien mat der Militärmusek dirigéiert.
- Ëm 1250 militäresch Déngschter.
- Eng Zomm vun iwver 250.000€ huet hien mat Concerts de bienfaisance mat der Militärmusek eragespiltt.
- 30 CD'en sinn énnert senger Leedung entstanen.
- 219 Arrangementer fir Harmoneschen Blosorchester vun Albinoni iwver Berlioz, Mozart, Rossini,



Foto: Kym



Stravinsky, Vivaldi bis hin zum Nationalkomponist A. Zinnen, stamen aus senger Fieder. Dorënner 21 Ouverturen, 61 Wierker fir Solisten, Sinfonien an Dänz, Préluden an Arien, awer och Titelen wéi „Spinning wheel“, „We've got tonight“, „Smoke under Porgy and Bess“, fir der just e puer erauszepicken, goufe vun him op den Orchester an domat och op de jeeweilegen Concert zugeschnidden.

Fir hien war kee Concert wéi deen aneren, an hien huet drop gehalen, d'Militärmusek net am musikaleschen Geschéien z'isoléieren, mä an d'kulturell Liewen z'intégréieren, an domat aus dem Orchester e feste Bestanddeel vun der lëtzebuerger Kultur ze maachen.

Seng Idee war et, den Orchester net festzeleeën op ee Genre, ma mat enger grousser Diversitéit vu Musek all Publikum ze begeeschteren. Sou énnerstëtzzt den André Reichling och vun Ufank un d'Opféierung vu lëtzebuerger Originalkompositiounen fir groussen Harmonieorchester.

Énnert senger Direktioun kritt den Nolauschterer vu Klassik iwver Rock a Pop bis hinn zum Jazz vum Orchester alles gebueden. Sou ass et dann och selbstverständlich, dass vill grouss Museker den Orchester gesträift hunn. De Marc Meyers (Trombone), de Philippe Schartz 1. Trompette aus dem BBC Orchester vu Wales, den Adrie Bishop, Fagottist zu Maastricht, de Steven Mead (Tuba), d' Mariette Lentz (Sopran), d'Yannchen Hoffmann (Mezzo-Sopran) an de Carlo Hartmann(Baryton), d'Marion Welter an den Änder Hirt, de Serge Schonckert an d'Emilie Duval, de Guitarriste Antonio Hernandez aus Spuenien, den Chansonnier Charles Suberville, den Arturo Sandoval (Jazz-Trompettist) an nach vill, vill anerer.

Wéi am Joer 1998 d'Amicale „Frënn vun der Militärmusek“ gegrënnt gouf, stoung der Organisatioun vu grousse musikaleschen Événementer näischt méi am Wee. De lëtzebuerger Publikum huet ons bravouréis énnerstëtzzt an dat excellent Zesummespill vun Arméi, Militärmusek an „Amis de la Musique Militaire“ huet flott Projet'en ervirbruecht, bei deenen hien och mol aneren Dirigenten d'Méiglechkeet ginn huet, d'Kénne vun senge Museker ze erfueren.

Et waren dat, de Lt.Col Thomas Klinkhammer, Chef vum Heeresmusikkorps 300 Koblenz, de Commandant-chef Alain Crépin aus der Belsch, de Militärkapellmeister Oberst Prof. Sigismund Seidl aus Éisterräich, den Coronnel Sendra Cebolla, Chef vum Guarda Real de Madrid, de Martin Bergs, Chef vum Latvian National Forces Staff Orchestra, an de Bob Ross, Leeder vum Ensemble Blechschaden vu München, fir der hei just e puer ze ernimmen.

Wann een den André Reichling freeet, wat him wichteg war, da gehéiert dozou och den Zougang zum Publikum. Am Laf vun der Zäit gouf säin Ziel Musek ze maachen fir all Leit, fir Jonk an Al, fir d'Land heiheem, an awer och iwwert d'Grenzen eraus, émmer méi kloer.

D'Militärmusek spillt énnert senger Leedung Concert'en fir den RBS, Concert'en mat jonke Lauréaten an Zesummenarbecht mat de Conservatoiren an der UGDA, Concert'en mat ganz jonken Instrumentalisten an net ze vergiessen Concert'en fir di Jéngst aus dem Land an Zesummenarbecht mam Berns Tréis a mam Martin Strauss am Kader vun e sellechen Concerts éducatifs fir d'école fondamentale. Eng ganz wichteg Ênnerstëtzung war hien der Amicale bei der Organisatioun vum traditionelle Stage fir jonk Museker, duerch deen sou munchereen de Wee an den Orchester fonnt huet.

Wichteg war him och mat sengem Orchester duerch d'ganzt Land présent ze sinn. Him waren di kleng Organisateuren sou léif wi di grouss, a gären dirigéiert hien fir den Anniversaire vun engem Museksverän fir hinnen mat engem musikalesche Bouquet fir hiren joerelaangen musikaleschen Asaaz ze félicitéieren.

Hien huet mat sengem Orchester 2005 zu Schladming, Innsbruck an Toblach flott Concert'en dirigéiert. 2006 si se an Tchechien gefuer, an 2007 konnt d'Militärmusek énnert senger Leedung am Theater zu St. Pölten an Éisterräich de Publikum begeeschteren.

Niewent deenen zäitlech begrenzte Projet'en huet den André Reichling awer och nohalteg Iddiën fir den Orchester geplangt. Sou féiert hien 1988 de Concert de bienfaisance an, dee vun do un all Joer um läschte Méttwoch am Januar stattfénnt. Och de Stage fir di jonk Museksstudenten huet hien 13 Joer laang énnerstëtzzt. No engem éischte grousse Succès mat der Gesangsklass vum Mariette Lentz aus den Conservatoire du Nord am Abrëll 2008, ginn nach weider 4 Concert'en geplangt vun Traviata iwwert Zigeunerliebe, Carmen a Fledermaus am Joer 2010.

Villäicht nach e puer Wuert zum André Reichling sengem soziale Wierken.

Als fréieren Trompettist vun der Militärmusek war et bestëmmt net sou einfach, op eemol virum Orchester ze stoen an net némmen Musek, mä och all aner mënschlech Aspekte vun sou engem, dach grousse Betrib, énnert een Hutt ze kréien.

Am Joer 2000 encouragéiert hien seng Museker, eng Personaldelegatioun ze schaafen, fir kënnen aktiv matzeschaffen u musikalesche Projet'en an awer och un der Revisioun vum Statut vum Ênneroffizéier vun der Militärmusek.



Foto: Klemm



Vun 1998 un énnerstëtzt hien all Joer di Demanden, fir dass d'Militärmuseker weiderhin können am Enseignement musical täteg sinn.

Hie schaft eng Méglechkeet, fir deene jonken Stagiären d'Geleeënheet ze ginn, hire Studium am Ausland ze maachen.

Hie fiert regelméisseg an d'Caserne Grand-Duc Jean fir seng zukünfteg Museker ze besichen an hinnen Courage ze maachen fir hir Instruction de base... .

Dëst e klenge Portrait iwwert den André Reichling, deen ni selwer wollt am Mëttelpunkt stoen, mä deen duerch seng Aarbecht während deene 25 ganz fläissege Joren zum Mëttelpunkt vun der Militärmusek gi wor.

Fir d'asbl „Frënn vun der Militärmusek“,

Christiane Schaul, secrétaire



*E grousse Merci geet un all di  
Leit, di gehollef hunn, dass dése  
Bulletin zustaane komm ass.*

«Das ist das  
wunderbarste  
Geheimnis der  
Tonkunst, dass sie  
da, wo die arme Rede  
versiegt, erst eine  
unerschöpfliche  
Quelle der  
Ausdrucksmittel  
öffnet.»

E. T. A. Hoffmann

Groupe de rédaction pour cette édition spéciale:

Christiane Schaul

Nello Zigrand

Choix des Photos: Louis Schmitz

Corrections: Louis Schmitz

Toute publication antérieure des textes est soumise à une autorisation de l'asbl «Frënn vun der Militärmusek».